# Eng Domm Gewunnecht

E löschtege Sketch fir 2 Persounen

Eng Léierin sötzt bei engem Dösch, virun sech e ganze Koupp Hefter. Sie verbessert an iergert sech:

Vu vir eran hätt ech könnte soen, dass déi Prüfung hei neischt géif. D'Suzette haat vu vir eran scho neischt geléiert... E Fehler um aaneren... Et bleiwt vu vir eran setzen.... Do ass vu vir eran neischt ze wöllen...

(Et schellt) Daat hätt ech mer vu vir eran könnten denken dass och nach grad elo é mech derangéiere kéim. Lo gin ech vu vir eran haut net fèrdeg mat verbesseren...

(Eng Joffer kennt eran) Bonjour, Joffer. Hutt dir e Moment Zäit? Ech wollt iéch eppes froe kommen.

1. Selbstverständlech huelen ech mir vu vir eran emmer Zäit wann ech Besuch kréien. Ech gin dach vu vir eran net fèrdeg matt verbesseren. Huelt iéch vu vir eran scho Platz.

2. Ma ech hun héieren dir géift versaat!

1. Daat ass vu vir eran net esou. Ech hu vu vir eran gefroot fir hei fort ze kommen.

2. (verwonnert) Ma dir sitt dach eréischt 1 Joer hei... Ass dann eppes hei waat iech net geet?

1. Ech hu vu vir eran gesinn, datt hei neischt mat de Leit ze wölle wier. Wösst der, wann s'én vu vir eran net brauche können, dann ass é vu vir eran erledigt... (betount nach extra) Vu vir eran soen ech iéch ....

2. Ech haat ower wölles mech hier ze melden, an duefir wollt ech emol mat iéch schwetze kommen.

1. Da soen ech iéch vu vir eran: Sidd virsiichteg matt de Läit, datt iéch vu vir eran net ergeet wéi mir... Sie hun mech vu vir eran onméiglech gemach D'Kanner waren vu vir eran géint mech opgesteppelt, daat hun ech vu vir eran gudd gesinn, well sie hun mech vu vir eran schon gudd ausgelacht... Ech hu mer dun vu vir eran gesoot: Du bleiws vu vir eran nemmen 1 Joer hei.

2. Dann ass et also nemmen aus déer Ursaach dass der èr Plaatz hei opgitt?

1. Vu vir eran, jo, well ech mengen, daat geet vu vir eran kengem, wann é vu vir eran ausgelaacht get.

2. Wéi ass et dann mam Logement?

1. Do ass vu vir eran neischt auszesetzen. Ech haat mer vu vir eran gesoot: Du geess vu vir eran nemmen op eng Plaatz wous de an der Schoul wunne kanns. Do bass de vu vir eran roueg. Ech haat mer daat vu vir eran ugekuckt an et huet mer och vu vir eran gudd gefall. Daat ass jo vu vir eran schon eng Haaptsaach (Sie bedenkt sech e beschen). Iwrigens, vu vir eran hätt ech iéch gleich sollen eppes offréieren.

2. Nén, lèsst daat nemme sinn ..

1. Ma dach, daat versteet sech dach vu vir eran (sie geet aus)

2. Et wonnert mech net, dass déi vu vir eran matt hirem vu vir eran ausgelaacht gouw. Waat huet dé sech eppes do ugewinnt..., Daat muss sie sech onbedengt ofgewinnen, soss ass se op enger aanerer Plaatz vu vir eran erledigt. Ech muss er daat mol hannenerem beibrengen. Richteg, hannenerem.... muss ech hir daat ofgewinnen.,

1. (kennt eran mat enger Fläsch an 2 Gliéser) Ech brengen iéch vu vir eran eng séiss Dröppchen. Ech mengen, déi huet vu vir eran jidderén gär

2. Daat ass wouer. Ech huelen navel hannenerem heiansdo eng.

1. Daat schued jo vu vir eran neischt.

2. Nén, t'áss esou guer hannenerem ganz gudd, wann én sech erkaalt huet.

1. Wann dir iéch vu vir eran liicht erkaalt, da musst der hei vu vir eran uecht ginn, well d'Wunneng ass vu vir eran zimlech kaal.

2. Daat mecht mer hannenerem neischt aus...

1. Ech haat awer vu vir eran baal de ganze Summer Feier...

2. Bei mir muss ech es hannenerem och baal emmer hun. Ech sinn daat schon hannenerem bal gewinnt

1. Dann ass daat iéch vu vir eran neischt Neis. Un d'Kache musst der iéch vu vir eran och gin...

2. Oh, ech kachen hannenerem navel gär

1. Ech sinn heinsdo auswärts iésse gang, wann ech vu vir eran gesin hun, dass ech net èrdeg géif

2. Daat kann ech jo hannenerem och emol machen.... Ass dann en Hotel hei wou én hannenerem gudd z'iésse kritt.

1. Vu vir eran hun mer hei éschtklasseg Hotelen; an ech sinn och vu vir eran net emmer an dén selwechten iésse gang, dann ass é vu vir eran méi frei.

2. T'ass gudd, dass én daat hannenerem wéss

1. Jo, daat hun ech vu vir eran alles misst ausprobéieren. An daat war vu vir eran net liicht.

2. Daat gléwen ech iéch hannenerem.

1. Dir könnt iéch jo d'Schoul emol ukucken... Da könnt der vu vir eran soen, op et iéch hei gefällt....

2. Jo, ech gin dann emol beschen hannenerem (sie gét aus)

1. Waat huet déi do eng elle Gewunneg. Déi ass vu vir eran hei erledigt. Vu vir eran ass et mer mol net esou opgefall, dass déi sou dack hannenerem seet. Ech muss se vu vir eran duerop opmierksam machen.... Ech mengen ech hätt et besser gleich vu vir eran ze soen... Hei do kennt se jo schon.... Wéi ass dann èren Eindruck vu vir eran?

2. Eng wonnerbar Aussicht hannenerem. Et geng mer bestemmt hannenerem hei gefalen.

1. Ech hu mer daat vu vir eran och deemols gesoot.. Et sinn jo och nömmen d'Leit, déi mech vu vir eran onméiglech gemach hun. An ech war vu vir eran nach esou virsiichteg. Wann dir emol heihinner kommt, da sidd vu vir eran virsichtig.

2. Ech sinn navel hannenerem emmer virsichtig

1. Dat ass vu vir eran eng wichteg Tugend, a well én nie virsichteg genug ass mengen ech, ...ech... misst iéch.. vu vir eran op eppes opmierksam machen, waat der vu vir eran misst ennerlossen, doss sidd der vu vir eran erledigt.

2. Do wéisst ech awer hannenerem gar waat daat sollt sin

1. Ech mengen dir verdroot jo vu vir eran e wéineg Spaass

2. Selbstverständlech... Léiwer riicht eraus wéi hannenerem.

1. Dir huet mer vu vir eran gudd gefall, a well ech et vu vir eran gudd mat iech mengen, gin ech iéch e gudde Root: Dir musst iéch vu vir eran ofgewinnen hannenerem ze soen

2. Waat soll ech hannenerem net soen? ....

1. Ma vu vir eran just daat Wuert Hannenerem. Hutt der dann nach net gemierkt, dass der vu vir eran emmer hannenerem soot.

2. Soen ech esou dacks hannenerem?

1. Vu vir eran navel grad dack, an duefir wollt ech iéch et vu vir eran soen well et ass besser dir wösst et vu vir eran. Befollegt mei Root, a winnt iéch vu vir eran daat hannenerem of, soss gitt der vu vir eran ausgelaacht an der sidd vu vir eran erledigt.

2. Daaat ass richteg, ma ech mengen ech misst iéch och emol soen, firwaat dir hannenerem ausgelaacht gouwt.

1. Ech sinn vu vir eranaausgelaacht gin, meng Léif.... Vu vir eran soen ech iéch jo... vu vir eran ouni Ursaach a Recht.

2. Daat ass hannenerem net esou wéi dir daat vu vir eran mengt, dir musst iéch hannenerem och emol eppes soen loossen, an enh mengen et wär meng Pflicht fir iéch daat hannenerem beizebrengen.

1. Ech loosse vu vir eran emmer maat mer schwetzen, a wann der mengt, dir hätt mir eppes ze soen, da soot mir et gleich vu vir eran an net hannenerem.

2. Ma da lauschtert: Dir hutt zu mir gesoot, ech soll mir daat hannenerem ofgewinnen.... Eigentlech hun ech mer daat hannenerem eréischt ugewinnt fir iéch daat vu vir eran ofzegewinnen.

1. Waat wöllt dir mir vu vir eran ofgewinnen?

2. Ma just daat vu vir eran, well daat versteet sech dach vu vir eran, wann én esou dack vu vir eran seet wéi dir,dann ass et ké Wonner wann én hannenerem ausgelacht get.

1. Ma dir hutt Recht... Ech hu mer vu vir eran gesoot, et muss dach eppes sin firwaat se laachen, mé vu vir eran wär ech jo net drop komm...

2. An hannenerem huet én iéch drop opmierksam gemmet...

1. Nén, hätt dach nemmen é mer vu vir eran hannenerem gesoot, ech hätt mer et vu vir eran scho lang ofgewinnt.

* * * * * * * *